



N° 8130
Entrée le 05.07.2023
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 05.07.2023

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 05/07/2023

Här President,

Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir weiderzeleeden.

D'Arméi huet verschiddenen Zaldoten um Viowend vun Nationalfeierdag d'*Permission de Nuit Permanente* gestrach. Vun dëser Decisioun waren Zaldote vun der Cie d'Honneur, déi un der Militärparad deelgeholl hunn, betraff a goufen um 23h00 Auer an d'Kasären zeréckgeruff.

De Staatsrot huet an sengem Avis n°60.760 iwwert de Gesetzesprojet 7880 geschriwwen, dass d'fräiwëlleg Zaldoten, no der Opfaassung vum Gesetzesprojet, net mat Staatsbeamte gläichsetze sinn:

L'article 62 est le premier article de la section 3 ayant trait au statut de soldat volontaire de l'Armée, qui est un statut sui generis, étant donné que les soldats volontaires sont soumis ni au statut de la fonction publique ni considérés comme employés ou salariés de l'État au sens des lois spécifiques à ces situations.

De Minister huet dat selwecht och an der Äntwert op meng parlamentaresch Fro n°7778 geschriwwen:

Den Zaldot ass kee Staatsbeamten an d'Zaldote falen och net an de Champ d'application vum Gesetz vum 1. August 2018 [...].

Deementspreechend wier den Artikel 7 vum *Statut Général – Heures supplémentaires – astreinte à Domicile* an dësem Fall net uwennbar.

An deem Zesammenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:


1. Wat ass d'Motivatioun fir dës Decisioun an op wéi enger legaler Basis fousst se?
2. Ass d'Procédure administrative non contentieuse (PANC) respektéiert ginn?
3. Firwat gétt an dësem Fall eng Differenz tëschent de *Militaires de Carrière* an de fräiwëllegen Zaldoten gemaach?
4. Ob Basis vu wéi enge legalen Dispositiounen ginn déi vun dëser Decisioun betraffe Leit kompenséiert?
5. Si fir sämtlech Leit, déi un der Parade deel geholl hunn, déi maximal 10 Schaffstonnen an de



www.piraten.lu

minimale Repos tëschent 2 Schaffdeeg respektéiert ginn?

Mat déiwem Respekt,

A handwritten signature in black ink, consisting of several fluid, overlapping strokes that form a stylized, somewhat abstract shape.

GOERGEN Marc
Deputéierten

